

100 Joer Volléksbildungsveräiner zu Lëtzebuerg

Wéi kann een iwwer honnert Jor vun engem Veräin schwätzen ouni Nostalgie a mam Bléck no vir?

Dat kann ee wuel nëmmen, wann een de Verein objektiv, aus senger Zeit eraus kuckt.

Ech wëll dat probéieren, ouni ze verheemlechen, dass ech bewonneren, wat d'Volléksbildungsbewegung zu Letzebuerg a soss an Europa geleescht huet.

D'Volléksbildungsveräiner sin 1908 entstan.

Firwat an deer Zeit, an deem Jor?

No der Jorhonnertwänn, zwëschen 1900 an 1914, ass Letzebuerg aus dem 19. an d'20. Jorhonnert getratt.

D'Wirtschaft huet geboomt, d'Populatioun huet zougeholl, d'politesch Verhältnisser hu sech moderniséiert.

D'Geschicht an d'Wiesen vun der Volléksbildungsbewegung ass ouni d'Vernetzung matt der politescher Landschaft vun deemools nët ze verstoën.

Vu 1900 bis 1919 gouf zu Letzebuerg de Kampf fir d'allgemengt Stëmmrecht ausgedroën.

Zwee Lager sin entstan, déi d'Muecht am Land iwer de parlamentaresch-demokratesche Wee gesicht hun.

Si hu sech an den éischte Joren vum Jorhonnert nei organiséiert, fir ganz Volléksksschichten fir sech ze gewinnen, déi bis dohin politesch nët mattgeschwat hun.

Vu 1908 bis 1917 huet de blo-roude Block d'Chamber dominéiert. D'Schoulesgesetz vun 1912 war déi gréisste politesch Leeschtung vun deer liberal-sozialdemokratescher Koalitioun. De Volléksbildungsveräin hängt direkt domatt zesummen. Dat weist d'Persoun vum Mathias Adam, dee Präident vum Lehrerverband an och vun der Associatioun vun de Volléksbildungsveräiner war. Dat weist den evidenten Zesumenhank zwëschen der Bildung vun den Erwuessenen am Veräin an der Bildung fir Kanner an der neier Primärschoul.

D'Gesetz vun 1912 ass nët aus dem Näischt entstan. Kee wichtegt Gesetz entsteht einfach esou. D'Gesellschaft muss prett dofir sin.

Dass Bildung zu deer Zäit en Haaptthema an der politescher Auseinandersetzung gouf, war de Verdéngscht vun enger Partie vun Intellektuellen, déi sech engagéiert hun, fir iwer kritesch Opklärung a Wëssensverméttlung d'Geeschter opzemaachen.

Dofir ass am Zentralcomité vun de Volléksbildungsveräiner an ënner den Acteuren vun der Letzebuurger Volléksbildung zwëschen 1908 an 1918 déi gesamt geeschteg Elite vum Land, zesummen mat der politescher a wirtschaftlecher Elite vun der liberaler an sozialdemokratescher Bewegung vu Lëtzebuerg vertratt.

Nennen mer de Schoulmeeschter a spéidere Journalist Frantz Clément, de Geschichtsprofesser Nicolas van Werveke, de Literaturprofesser Charles Becker, de Professer an Auteur Nicolas Ries, de Professer Mathias Tresch, de Professer Jos Tockert, deen d'Scoutsbewegung initiéiert huet. A ville Lokalsektiounen vum Volléksbildungsverband, besonnesch am Minett, si liberal Industrieller an Ingénieurs-ën un der Spëtzt. Laanscht d'Eisebunnslinien waren Eisenbunner aktiv, déi vum Aloyse Kayser, dem radikal-liberalen Deputéierten an Initiator vun deem 1909 gegrënnten Landesverband, beaflosst goufen.

D'Volléksbildungsbewegung war also eng **politesch** Lénksbewegung, gedroen vun der geeschteger Elite vum Land, déi iwer d'Kultur un d'Vollek erukomme wollt, dat bis dohin politesch nët mattgeschwat hat.

E Vollek, dat esou opgeklärt sollt sin, dass ët liberal a sozialdemokratesch Iddien géif unhuelen, aplaaz dem Paschtouer nozelauschteren an d'Rietspartei ze stëmmen – déi Rietspartei, déi iwert hiert Netz vu Kierch a religiéis Vereenegungen no beim Vollek war an esou bis dohin de geeschtege Monopol beim Vollék hat.

Et war de politesche Kompromëss vum Block zwëschen Wirtschaftsliberalen a moderéierten Sozialdemokraten, ënnermauert vun Antiklerikalismus a welt-

anschaulicher Konvergenz a ville Gesellschaftsfroen, déi d'Volléksbildungs-
aarbecht bis zum éischte Weltkrich erméiglecht huet.

D'Leeschtung war organisatoresch a geeschteg bedeitend. Bibliothéiken sin
iwerall entstan an hate grouesse Succès. Publikatiounen, besonnesch och déi
jährlech Volléksbildungskalenneren, sin un déi méi wéi 4 000 Memberen
gaangen. Intellektuell a Politiker vun deer Zäit sin als Conférenciers-en uech-
tert d'ganzt Land opgetratt. Bekannt Schrëftsteller an Intellektueller aus dem
Ausland sin durch d'Volléksbildungsveräiner op Letzebuerg komm. De „*Re-
ner*“, onse kriteschen Nationalepos vum Michel Rodange, gouf 1911 nei publi-
zéiert a populariséiert.

Dem Land bis an déi leschten Ecker déi kulturell, wirtschaftlech a politesch
Modernitéit ze bréngen – dat war d'Zilsetzung vun deem zentral gesteierten
Mouvement.

*

Dee weltanschaulichen a politesche Kompromëss, deen zum Erfollech vun de
Volléksbildungsveräiner gefouert hat, huet sech am éischte Weltkrich durch déi
schwéier Sozialkris zerschloen, déi d'Land deemools mattgemaacht huet. De
Märzstreik vu 1921 war den Ausdrock vun deer déiwer sozialer Kris zu Letze-
buerg nom 1. Weltkrich.

D'Volléksbildungsaarbecht ass nët verschwonnen, mais d'Fundament vun der
politescher Zilsetzung ass ët nët méi gin.

Wuel huet d'Volléksbildungsaarbecht direkt nom Krich probéiert, op déi nei
Situatioun ze reagéieren. Den 30 Jor jonken Escher Schoulmeeschter Hubert
Clément gouf 1919 Sekretär vum Verband. Hee war repräsentativ fir eng nei
Schicht vu jonken, ganz lénken Intellektuellen, déi an der sozialistescher Partei
mattgeschafft hun.

Wichtig fir si an den Hubert Clément war, den Aarbechter Afloss op déi wirt-
schaftlech Verhältnisser iwer d' Sozialisatioun vun de Produktiounsmëttelen ze
gin an se dofir ze forméieren.

Ennert sengem Afloss huet déi nei Gewerkschaft vun de Bierg- a Metall-
aarbechter hir eege Bildungsstrukturen an hir Parallelwelt zuer birgerlecher
Kulturwelt opgebaut.

Mam politesche Konsens téschent Liberalen an Aarbechterbewegung ass och
d'kulturell Zesummenaarbecht verschwonnen.

Doropshin hunn d'Volléksbildungsveräiner, besonnesch déi vun Esch a vu Letzebuerg, op déi sougenannten biergerlech Kultur gesat a matt Nimm aus der internationaler Kulturszeen vill Succès, besonnesch bei de Birger um lenke Spektrum vun der öffentlecher Meenung fond. D'Volléksbildungsveräiner waren zu deer Zäit matt déi eenzeg, déi eng Dir op d'intellektuellt Liewen no baussen matt prestigiéisen Konferenzen vu bedeitende Wëssenschaftler a Schrëftsteller opgemaach hun.

Nennen mer e puer dovunner: de Jean Schlumberger, de Jules Romains, de Jean Guéhenno, de Jacques Rivière, de Klaus Mann, *Die Pfeffermühle* (e Cabaret vum Erika Mann), de Frédéric Joliot-Curie, de Louis de Broglie. Den Hank war elo definitiv no Frankräich, ewech vun Nazidäitschland, ausser de kritesche Käpp vum däitschen Exil, déi no 1933 Etapp zu Letzebuerg gemaach hun.

D'Aarbecht vun de Volléksbildungsveräiner gouf matt der Zäit nët méi einfach. De Radio ass opkomm, a gouf an den drësseger Joren e staarkt Mëttel vun Informatioun, Bildung an Ennerhalung. Zeitungen a besonnesch Illustréiert hu sech verbreet. Den Hubert Clément huet als Direkter vum *Escher Tageblatt* déi éischt Letzebuenger Illustréiert A-Z an den drësseger Joren erausgin. Nei Offren fir Fräizeit a Sport sin entstan.

De Volléksbildungsverband gouf 1930 erëm an d'Liewen geruff. Et war e liberal orientéierte Verband, deen sech awer vill manner ëm Lëtzeburger Politik bekëmmert huet wéi virum 1. Weltkrich.

Polemiken sin dofir an den drësseger Joren iwer d'Zilsetzung vun der Volléksbildung entstan. Sollt se sech an der Ausenanersetzung tëschent Faschismus a Kommunismus fir d'Verdeedigung vun der Demokratie engagéieren oder sollt se neutral bleiwen?

Am Oktober 1933, also am Jor vun der Muechtergräifung vum Hitler, huet den Escher Veräin ënnert dem liberale Präsidant Robert Stumper e politeschen Owend matt de Liberalen Marcel Cahen a Nic. Braunshausen an dem AP-Präsidant René Blum organiséiert, fir d'Lenkskräften géint d'Nazidiktatur opzestellen. Mais d'Zäit vun der Symbios vu Liberalen an Sozialisten war leider eriwer.

1937 hun d'Volléksbildungsveräiner sech beim Maulkuerreferendum neutral verhalten, eng Neutralitéit, déi hinnen vu villen reprochéiert gouf.

*

An erëm eng Kéier huet sech an der Nokrichszäit vun 1945 bis haut d'Volléksbildungsjaarbecht fundamental verännert, well während der Nazi-Zäit all Veräin opgeléist an zerstéiert gouf.

Nom Krich huet de Stater Veräin bis an d'siechzeger Joren weiderbestan. Jénger Literaturprofesseren, wéi den Tony Bourg, hun an de véierzeger a foffzeger Joren nei Auteurs-en wéi de Camus, de Malraux an de Sartre dem Stater Publikum matt grousssem Succès virgestallt. De Veräin huet zanter 1914 di eenzeg nët konfessionell Bibliothéik an der Stad Letzebuerg bedriwen.

Dës Bibliothéik gouf Enn de siechzeger Joren zougemaacht, an 1968 ass an der Stad déi éischt öffentlech städtesch Bibliothéik opgaangen, déi dëser Deeg, 40 Jor dono, am fréiere *Ciné Cité* a neie Raimlechkeeten ënnerbruecht gouf. Wat de privaten Aktivismus nët méi färdeg bruecht huet, huet elo d'öffentlech Hand iwerholl.

*

Datte mer haut iwerhaupt nach vu lieweger Volléksbildungsbewegung schwätzen, ass secher de Verdengscht vum René Grégorius. Hee war, zesummen matt ville Bouneweger, dorënner de Robert Bruch, de Fränz Wagner, de René Van den Bulcke, de Léon Hamus, den Haaptinitiator fir d'Neigrënnung vum Bouneweger Veräin, de 15. März 1955, a 50 Jor laang di dreiwend Kraaft vun deem Veräin, dee sech als lokale Veräin matt nationaler Ausstrahlung verstan huet.

De Schoulmeeschter René Grégorius huet a séngem Schaffen résuméiert, wat d'Volléksbildungsjaarbecht an der moderner Zäit konnt sin. Hien huet un alle Ficellen vun der Erzéiung an der Weiterbildung gezun. De Veräin huet Konferenzen iwer en extrem breede Spektrum vu Literatur iwer d'Wëssenschaft bis zur Politik an zu praktesche Froen organiséiert. En huet dobäi op all méiglech interessant Experts-en a Spezialisten aus alle Milieux-en zréckgegraff. Virun allem huet en aktiv Formen vu Participatioun praktizéiert. Ech hu perséinlech meng éischt öffentlech Ried op der Tribün vum Bouneweger Veräin gehalen. Vill Jugendlecher hu sech fir Wëssenschaft an Technik intresséiert an aktiv a klenge Gruppen mattgeschafft. E Molcours besteet souzesoen vun Ufank un. 1966 gouf e Filmclub gegrënnt, deen al an nei Filmer bruecht huet, déi ët nët an de Kinoen ze gesi gouf, wéi z.B. *Viridiana* vum Buñuel, deen zu Letzebuerg verbuede gi war.

De Bouneweger Veräin huet nët gezéckt, sech a politesch Ausenanersetzungen ze mëschen. Schoulreform, Menscherechter, Urbanismus, Laiemoral, Birgererzéiung, Europafroën asw. sin an engem Geescht vun Toleranz a fräier Diskussioun öffentlech behandelt gin – eppes wat an de fofzeger a siechzeger Joren zu Letzebuerg nët evident war.

De *Planning familial* ass durch eng Konferenz vum Dr Henri Clees de 19. Januar 1965 am Bouneweger Volléksbildungsveräin entstanden, an och an deem Mouvement huet de René Grégorius als laangjährege Präsident seng Roll gespillt.

Dem René seng Iddiën ginn haut weider gefouert vum Arlette Frascht a sénger Equipe. Konferenzen, Studiereesen, Weiderbildungs- an Alphabetisatiounscours-en, e.a. och fir auslännesch Mattbierger, gehéieren zu deer Aarbecht. Dobäi gët déi sozial Dimensioun selbstverständlech nët vergiess.

*

1968 ass den Déifferdenger „*Centre culturel*“ entstan, deen dëst Jor seng 40 Jor feiert. Matt sengem Numm gouf ënnerstrach dass de neie Veräin keng *ipso facto*-Weiderféierung vun enger aler Geschicht war.*

Den Déifferdenger Veräin hat an huet Leit un der Spëtzt, déi op d'Dauer ausgeriicht sin: ët gouf nëmmen zwee Präsidenten tëschent 1968 an 2008, de Cornel Meder an den Armand Logelin-Simon, an nëmmen zwee Secrétaires, de Michel Putz an de Cornel Meder.

Den Déifferdenger *Centre Culturel* huet vun 1968 bis haut iwer 1100 Manifestatiounen vun allen Zorten organiséiert. An der Jubiläumsnummer vun der Revue *Galerie* am Jor 1988 (=Nr 4/88) sin d'Saisons-en 1968 bis 1988 akribesch dokumentéiert, eng fantastesch Opzielung vu Konferenzen a Ronndëschgespréicher, literareschen Owender, themateschen Excursiounen, Ausstellungen, Kinovirstellungen. Déi Déifferdenger hu besonnesch gär interessant Plaazen zu Letzebuerg respektiv an der Grenzregioun exploréiert, si kulturell spadséiren gaang, dono och emol méi wäit ewechgefuer, eng Woch laang, a relevant Stied a Géigenden an de Länner ronderëm. Eng Jugendgrupp gouf ët och, Molcours-en, Elterecours-en, Ateliers-en...

*Den CCD heescht awer vun Ufank un, am Ënnergitt, „*Déifferdenger Volléksbildungsveräin*“.
(D'*Galerie*-Redaktioun)

Wann een e Schrëftsteller, Professor an Archivdirekter gewärde léisst, da kënnt dat eraus, wat de Cornel Meder a seng Mattaarbechter während 40 Jor u Publikatiounen produzéiert hun. Et huet ugefaang matt Dossiers-en, matt Rééditionen, wéi déi vum C.M. Spoo oder vum Marcel Noppeney, matt enger Série MOL (30 Nummeren!), matt Kaarten, an dun zanter 1982 mat der Revue „Galerie“, fir t'éischt hectographéiert, an dono, vu 1985 un bis haut, an engem schéinen Buchformat op Glanzpobéier, matt Letzebuerger an international bekannten auslänneschen Auteurs-ën, matt Geschicht, Litteratur, Photoën, Chroniken, Dossiers-en.

Ech weess nët, wéi se dat zu Déifferdeng maachen. Op jidde Fall zéien ech mäin Hutt vrun deer Leeschtung!

*

Als Ofschloss vun esou engem Iwerbléck ass ët Usus, dass de Konferenzler déi eng oder aner gescheit Lektïoun doraus fir d'Zukunft zitt. Ech man dat nët, wëll awer just eng Iwerzeegung lass gin.

Den Tsunami vun Zeitungen, gratis oder nët, Illustréierten an Zäitschrëften, vu Bicher, Radio- an Televisiounschänen, Concerts-en, Ausstellungen, héichspezialiséierte Virträg a Ronndeschgespréicher, deen all Dag iwer ons kënnt, ersetzt fir den Einzelnen nie di direkt Konfrontatioun matt de Leit an den Iddiën op dem reellen Terrain vun den Uertschaften an de Quartiers-en, a gedëlleger Toleranz an opmierksamem Nolauschteren. Wat zielt, sin aktiv an dynamesch Leit, déi prett sin, hir Zäit hirzegin, fir matt aneren eppes ze bewegen. An där Optik ass de Succès oder den Echec vun der Volléksbildungsbewegung dee vun enger Gesellschaft, déi sech selwer *en charge* hëlt oder nëmmen passiv consomméiert. Wat mech ëmmer un der Volléksbildungsbewegung fasziniert huet, dat war d'Initiativ vu kritesche Bierger, déi agräifen wëllen, mattschwätzen, a Fro stellen an op sin fir Neies...

Eigentlech ass et egal, wéi de Veräin heescht, ob e grouss oder kleng ass, al oder jonk, honnert oder manner Joër huet. Et geet ëm d'Verantwortung vun all Bierger, haut a muer, et geet ëm de fräie Geesch, deen all déi Leit, déi fräi denken an handelen, verkierperen.